PAS EN VENTE LIBRE / KEIN FREIER VERKAUF

# LAKSEMBÖRG SITTI

**D'STAD HEESCHT STAD AN NET LAKSEMBÖRG-SITTI**
**DAT WEESS HEI AM LAND DACH ALL KÄTTI AN ALL PITTI**
Zu Diddeleng d'Ignitti an zu Ettelbréck all Litti
All Strummert op der Gare an am Pescatore all Ditti

**D'HAAPTSTAD VUM LAND HEESCHT GANZ EINFACH STAD**
**WELL DE LËTZEBUERGER JO SOSS KENG STAD MÉI HAT**
**MEE D'STAD GËTT SECH GLAT, DAT WAT GËLLT ASS D'FASSAD**
**MAM REKLAMMENAPPARAT E FACELIFTING GEMAT**

Ech sinn e Stater Jong, ma vun der Stad kréien ech de Soud
´t ass keng Stad fir dran ze liewen, an no 6 ass se dout.
An denkt emol drun, tëscht de Bijouen an der Moud
virun 100 Joer gouf um Glacis nach geplout

Vum Bauer zum Banker an dat ouni Têschestopp
an de Piff hänkt hinnen nach un de Suelen drop
an déi Stater Politiker gi sech gär ganz top
mee hir Zopp ass e Flop, Laksembörg Sitti, hal dach op

LAKSEMBÖRG SITTI, wärri pritti
wärri dout, dout, wärri dout, dout,
LAKSEMBÖRG SITTI, wat e pitti
wärri dout, dout, wärri dout

Ech sinn en Zolver Bouf a wëll déi Stater net verletzen
si hu schliisslech keng Arbed, mat där si sech kënne bretzen
ech wëll näischt dovu wëssen an um Uasch sëtze bleiwen
ech loosse mer léiwer eppes vun den Inder virschreiwen

Well d'Haaptstad vum Süden, jo dat ass de Minett
déi mat der rauer Binett, gleef mir, fro mol d'Ginette
mee an der Stad leeft eng, op mannst bis 6 Auer
dat eenzegt wat s du bei eis gesäis ass den Trakter an de Bauer

Ech sinn en Zolwer Bouf an ech ginn hei net méi fort
mir hunn zwar vläit kee Smog, mee dofir feine Piffgeroch
an e Minetter brauch kee Schickimicki a keng Moud
well iergendwéi gëtt bei eis haut nach geplout

Mer sinn sou wéi mer sinn, vun der Long op d'Zong
eis Fangerneel si knaschteg a mir hu Bulli un de Schong
jo di Stater kënnen eis Mentalitéit roueg haassen
well mir eis wéi di Mierscher net mam falsche Glanz befaassen

Léift Kätti, léiwe Pitti, ech wunnen zwar zu Miersch
mee meng Eltere si Minetter, an ech si vum Lampertsbierg
Ech weess vu wat ech schwätzen, an als Stater soen ech lech
déi Stad ass sat, ze glat, vum Gronn op de Kierchbierg

Lauter iwwel Fierz, déi d'Loft mat hire Kare verpeschten
**D'HAAPTSAACH D'PALTONGSZÉIEREI, DÉI KOMMEN OP HIR KÄSCHTEN**
**WOU SI MER GELANT, MIR LIEWEN AN ENGER PLASTIKSWELT**
**WOU JIDDEREEN SECH SOU GËTT, DATT EN DEEM ANERE GEFÄLT**

**LÉIF STATER HARYEN, MIR WËSSEN NET, WAT DIR GÄR HÄTT DO**
**ENG STAD ASS DACH KENG VIP-LOUNGE A KEEN ENTERTAINMENT-GHETTO**
**AMPLAZ ALL BOPEBISTRO AN ALL BOMEBUTTEK ZE VERJON**
**LOOSST SE GON, LOOSST SE STON, LOOSST MOL NEES EPPES ENTSTON**

D'Stad gehéiert net de Flicken an och net de Paschtoueren
A scho guer net deene Bloen, déi eis de Kapp voll soueren
**MAACHT D'AN OP A SPËTZT EMOL ÄR OUEREN ...**

*Copyright: Serge Tonnar*

Stëmm
Septembre 2015 / N°84
vun der Strooss



## Editorial

„… **WELL ENG STAD GEHÉIERT OCH DE FIXER AN DEN HOUEREN!**“, sangen de Serge Tonnar an de Gilles Corbi an hirem Lidd Laxembörg Sitty, wat op dem Cover vun dësem Exemplaire ofgedréckt ass. Fixer an Houere stinn hei symbolesch fir all déi Mënschen, déi um Rand vun eiser Gesellschaft stinn, respektiv dohinner gedréckt si ginn.

A genee op een Deel vun dëse Mënsche gouf elo dëse Summer geklappt, well dach do ee gemengt huet, si géingen „sténken“, an esou en „Ofschaum“ géing dach net an eist schéint Stadbild passen. Wéint dem sougenannte Summerlach haten d’Kolleege vun der Press dann och net all ze vill Aarbecht an hunn eng „Problematik“ opgebauscht, déi scho säit Joere besteet an sech net wierklech verännert huet. Mee wann de Schoulmeeschter schwätzt, hunn d’Kanner de Bak ze halen, an alles wat hie seet, ass souwisou d’Wourecht.

Wärend en Deel vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung sech iwwert d’Summerméint geduecht huet: “Leckt mech dach all am Aarsch, ech fueren elo op d’Belsch Plage”, hunn sech déi, déi doheem bleiwen an de sozialen Netzwierker ronderëmgedriwwen a monter weider polemiséiert. Dëst ass esou wäit gaangen, dass sech esouguer d’Regierung aus dem Congé zréckgemellt huet, fir zur aktueller Thematik Stellung ze huelen.

Elo si mer Ufank September, an d’Thema ass schonn esou gutt ewéi vum Dësch. Gläich ass d’Rentrée, a mir beschäftegen eis nees mat de wichtege Sujeten ewéi d’Griichelandkris, den TTIP a wat weess ech net nach. Esou schnell ass de Clochard dann och an de Vergiess geroden. D’Thema gëtt da kuerz viru Chrëschtdag nees aktuell, oder wann e Mënsch op der Strooss erfréiert.

D’Stëmm vun der Strooss, genee ewéi alleguerten déi aner Servicer, déi am Milieu vun der sozialer Exklusioun schaffen, verstinn sech an dëser Debatt als Verteideger vun deene Mënschen, déi vun der Gesellschaft ausgestouss sinn. D’Stad ass eng Stad fir jiddereen. Et duerf net sinn, dass mer zu enger Stad verkommen, déi nëmme fir eng elitär Gesellschaftsschicht bewunnbar ass. Et duerf net sinn, dass Mënsche vun enger ëffentlecher Plaz verdriwwe ginn, nëmmen, well si aarm sinn an hire Liewensënnerhalt duerch heeschen erschaffen. Et gëtt Zäit, dass de Problem vun der Aarmut hei am Land mat der Wuerzel ugepaakt gëtt, an net nëmmen d’Symptomer behandelt ginn.

Op där aner Säit mussen ëffentlech Plazen awer och respektéiert ginn. Et duerf net sinn, dass Mënschen hiren Dreck iwwerall leie loossen, wou een dach op all honnert Meter en Drecksbac fënnt. Wann een d’Manche mécht, soll een dat respektvoll maachen a keen aggresséieren. Respekt ass iwwerhaapt ausschlaggebend an dëser ganzer Diskussioun. Dëse soll w.e.g. vu béide Säite kommen.

An dëser Ausgab befaasse mer eis wéi gesot mat der Stad Lëtzebuerg. D’eLKa huet sech e bësse mat der Geschicht vun der Stad a méi genee mam Pont Adolphe beschäftegt. Des Weideren huet hatt eis e puer Statistike vun der Stad Lëtzebuerg zesummegefaasst.

De JEF stellt Iech an sengem Artikel de Refuge Péitrusshaus vir. Dëst ass eng Ulafstell fir Mannerjäreger, déi op der Méck sinn (vun doheem fortgelaf sinn).

D’Angel huet sech mat der Madame Loschetter, 1 Schäffin vun der Stad Lëtzebuerg ënnerhalen an ass dobäi spezifesch op Obdachloser am Stadbild agaangen.

D’Skippy huet sech an sengen Interviewe mam Service Autobus a Service Park vun der Stad beschäftegt.

Op dëser Plaz wëll ech dann den Organisateure vum Capital Sounds Festival Merci soen, dass si der Redaktioun vun der Stëmm vun der Strooss 5 Entréestickete geschenkt hunn. D’Flanter huet sech mat den Organisateuren a Museker ënnerhalen.

E weideren Interview huet d’Flanter dann nach mam Serge Tonnar gefouert. Säi Lidd huet eis op d’Iddi bruecht, fir eng Zeitung zur Stad Lëtzebuerg ze maachen. Hatt huet de Serge iwwert säi Werdegang an seng Meenung zur Stad befrot.

D’Cocoon an de Wouter hunn Interviewe mat e puer Leit vun der Kinnekswiss gefouert an si ëm hir Meenung zur Stad Lëtzebuerg gefrot.

Den Thomas an de Gabriel sinn eis 2 Benevolle vun der Zeitung. Allen zwee hunn si keen Doheem a schaffen op fräiwëlleger Basis fir eis. Si hunn eis hir perséinlech Gedanken niddergeschriwwen.

Léif Lieser, ech wënschen Iech vill Spaass mat dëser Zeitung.

*Michel Hoffmann*



Que celui ou celle qui sait lire, lise et partage ce journal avec celui ou celle qui n’a pas pu apprendre à lire !

Lieber Leser, teilen und lesen Sie diese Zeitung mit den Menschen, die das Lesen nicht lernen konnten!

# LAKSEMBÖRG SITTI



Editorial 2

Die kompakte Geschichte der Stadt Luxemburg 4
Quelques statistiques de la Ville de Luxembourg 6
Interview mam Serge Tonnar 8
Angels Kinokritik 10
Refuge Péitrusshaus 11
De Menni an de Jönni 12
Fresh eyes on Luxembourg 12
Sans commentaire 14
Action Grouss Botz op der Kinnekswiss 15
Interview mam Glouki 16
Interview mam Tom 16
Mindless vandalism or hate crime? 17
Capital Sounds 18
- Interview mam Origanisateur Frank 20
- Interview mam DJ Jean-François du Marché 21
- Batsoids 22
Bewusst leben? 23
Luxemburg sehen und sterben 23
Interview mam Här Bentner 24
Die Adolphe-Brücke 26
Catherine 27
Agenda 28
Interview mat der Madame Fandel 30
Quiz 32
The world ends tomorrow!!! 33
Äddi Aldringen 35
Schueberfouer 35
Interview mat der Madame Loschetter 36

Klick 37

Info 40
Impressum 40

Rejoignez-nous sur facebook
Join us on facebook
Werde Mitglied auf facebook



# Die kompakte Geschichte der Stadt Luxemburg





Die ersten Siedlungsspuren auf dem Gebiet der Stadt Luxemburg stammen von Kelten aus dem 2. Jahrhundert v. Chr. Ungefähr einhundert Jahre später drangen Römer in das Land Luxemburg ein und die Region wurde zum Teil des Imperium Romanum.

Das Gebiet der Stadt Luxemburg war in der Römerzeit von zwei Straßen durchquert, an deren Kreuzung ein befestigter Turm stand. Durch einen Tauschakt mit der Abtei Sankt Maximin in Trier kam das kleine Kastell im Jahre 963 in den Besitz Graf Siegfrieds, einem nahen Verwandten der Könige Frankreichs und der deutschen Kaiser. Auf dem „Bockfelsen" ließ Siegfried seine Burg bauen, die den Namen „Lucilinburhuc" (kleine Burg) trug. Dieser Name wurde zum ersten Mal in dem besagten Tauschakt erwähnt. Aus dem Namen Lucilinburhuc entwickelte sich später, über „Lützelburg" der heutige Name „Luxemburg".

Um die Burg herum ließen sich Handwerker und Händler nieder und bauten ihre Häuser und Geschäfte. So entstand eine kleine Ansiedlung, die erst zweihundert Jahre später durch den Bau der festen Stadtmauer zur etwa 5 Hektar großen Stadt wurde. Im Jahre 1244 erhielt die Stadt von Gräfin Ermesinde die Freiheitsrechte. 1354 wurde Luxemburg Herzogtum.

Im XIV. Jahrhundert wurde die Stadt nach Westen hin erweitert, neue Schutzwälle wurden gebaut und damit gewann die Stadt deutlich an Fläche. Diese Größe von 23 Hektar behielt die Stadt Luxemburg fünf Jahrhunderte lang bei.

1443 wurde Luxemburg zum ersten Mal in seiner Geschichte durch einen Überraschungsangriff eingenommen und wurde Teil der burgundischen, später der spanischen und österreichischen Niederlande.

Der Kampf zwischen dem französischen König Franz I. und dem deutschen Kaiser Karl V. im Jahr 1540 hat dazu geführt, dass die Herrschaft über Luxemburg vier mal wechselte, um schließlich bei den Habsburgern zu verbleiben. Die Habsburger beschlossen, aus der Stadt eine richtige Festung zu bauen. Die Bauarbeiten, die fast 150 Jahre dauerten, wurden durch spanische, französische und später auch österreichische Militäringenieure durchgeführt. So entstanden unter anderem die Kasematten, die sich über mehrere Ebenen ziehen und bis 40 m Tiefe hinabreichen.

Während nahezu neun Jahrhunderten war Luxemburg eine derart mächtige Festung, dass man ihr im 18. Jahrhundert den Beinamen „Gibraltar des Nordens" gab.

1795 nahmen die französischen Revolutionstruppen die Festung nach einer langen Belagerung ein.

Im 19. Jahrhundert geriet Luxemburg erneut zwischen die Fronten Frankreichs und Deutschlands und wurde zum Streitpunkt zwischen Napoleon III. und Bismarck. Um einen Krieg zwischen den beiden Herrschern zu verhindern, wurde 1867 in London ein Vertrag unterzeichnet, der das Großherzogtum zum ewig neutralen Staat erklärte. Somit brauchte die Stadt ihre zahlreichen Befestigungen nicht mehr und es wurde verordnet, einen Großteil von ihnen zu vernichten.

Neun Jahrhunderte nach ihrer Gründung verlor die Stadt Luxemburg ihren Festungscharakter und damit auch ihre militärische und politische Bedeutung. Nach der Schleifung 1867 erkannte man die Möglichkeit, die Stadtgrenzen zu erweitern. Neue Wohnviertel entstanden und der alte Stadtkern bekam neue Grünanlagen. Aus der alten Festung wurde eine gemütliche Hauptstadt, die mit den Resten ihrer Festungsbollwerke sowie ihrer gut erhaltenen Altstadt 1994 von der UNESCO in die Liste des Welterbes aufgenommen wurde.

*eLKa*







# Quelques statistiques de la Ville de Luxembourg

Le territoire de la ville est de **51,73 km²**, ce qui correspond à environ **2 % du territoire national**.

**A TITRE INDICATIF :**

- 30,0 % de la surface sont couverts par des constructions,
- 27,7 % de la surface sont couverts par l'agriculture,
- 22,0 % de la surface sont couverts par des bois,
- 8,7 % de la surface sont couverts par des rues et des places,
- 1,5 % de la surface est couvert par l'industrie,
- 0,7 % de la surface est couvert par des cours d'eau.

La ville se situe à **49°36'36" latitude nord** et à **6°7'40" longitude est**.
La température moyenne est de 9,0°C (mesurée au Findel).
L'altitude varie entre **232 m** (Beggen, rue de Bastogne) et **408 m** (plateau de Dommeldange), elle atteint **304 m** au centre-ville (place d'Armes).
La circonférence de la ville est de **52,5 km**.

| | | |
|---|---|---|
| **TOTAL DE LA POPULATION :** | 107.340 | habitants |
| **Luxembourgeois :** | 33.292 | *(31,02 %)* |
| **Étrangers :** | 74.048 | *(68,98 %)* |

*(Situation au 31/12/2014)*

** Le mardi, 23 octobre 2012, la Ville de Luxembourg est passée officiellement au statut de grande ville en enregistrant son 100.000e habitant auprès du Bierger-Center.*

**LA VILLE EST SUBDIVISÉE EN 24 QUARTIERS :**

Beggen, Belair, Bonnevoie-Nord/Verlorenkost, Bonnevoie-Sud, Ville Haute, Cents, Cessange, Clausen, Dommeldange, Eich, Gare, Gasperich, Grund, Hamm, Hollerich, Kirchberg, Limpertsberg, Merl, Muhlenbach, Neudorf/Weimershof, Pfaffenthal, Pulvermuhl, Rollingergrund/Belair-Nord, Weimerskirch.

*(Sources: VdL, STATEC)*



**LA POPULATION DE LA VILLE EN DATE DU 31 DÉCEMBRE 2014 :**
**107.340 habitants**

fin 2013 : 103.943
fin 2012 : 100.390
fin 2011 : 96.750
fin 2010 : 93.865
fin 2009 : 91.857
fin 2008 : 89.907

| | | |
|---|---|---|
| **Luxembourgeois :** | 33.292 | *(31,02 %)* |
| Étrangers : | 74.048 | *(68,98 %)* |
| Femmes : | 52.655 | *(49,05 %)* |
| Hommes : | 54.685 | *(50,95 %)* |

**160 nationalités :**


| | |
|---|---|
| 100.318 | Européens |
| 2.844 | Asiatiques |
| 2.152 | Américains |
| 1.869 | Africains |
| 98 | Océaniens |
| 40 | nationalités indéterminées |
| 19 | apatrides |

*(Source: VdL/Etat de population)*

**LES HABITANTS COMMUNAUTAIRES DE LA VILLE AU 31.12.2014 :**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Luxembourgeois :** | 33.292 | Grecs : | 1.264 | Estoniens : | 378 |
| Français : | 17.487 | Suédois : | 984 | Slovaques : | 350 |
| Portugais : | 13.779 | Néerlandais : | 845 | Autrichiens : | 331 |
| Italiens : | 6.830 | Danois : | 715 | Lettons : | 325 |
| Belges: | 4.511 | Irlandais : | 704 | Slovènes : | 322 |
| Allemands : | 4.000 | Hongrois : | 694 | Croates : | 289 |
| Espagnols : | 2.701 | Finlandais : | 684 | Maltais : | 138 |
| Britanniques : | 2.401 | Bulgares : | 651 | Cypriotes : | 56 |
| Roumains : | 1.431 | Tchèques : | 452 | | |
| Polonais : | 1.312 | Lituaniens : | 438 | | |

**LES HABITANTS EUROPÉENS DE LA VILLE AU 31/12/2014 :**




*(Source: VdL/Etat de population)*

**LA POPULATION DE LA VILLE PAR QUARTIERS AU 31/12/2014 :**

| | Total | % Luxembourgeois | % étrangers |
|---|---|---|---|
| BEGGEN | 3.277 | 31,03 % | 68,97 % |
| BELAIR | 10.815 | 31,90 % | 68,10 % |
| BONNEVOIE-NORD/VERLORENKOST | 4.040 | 28,71 % | 71,29 % |
| BONNEVOIE-SUD | 12.182 | 34,90 % | 65,10 % |
| CENTS | 6.110 | 52,88 % | 47,12 % |
| CESSANGE | 3.345 | 42,39 % | 57,61 % |
| CLAUSEN | 935 | 26,95 % | 73,05 % |
| DOMMELDANGE | 2.291 | 29,86 % | 70,14 % |
| EICH | 2.664 | 26,99 % | 73,01 % |
| GARE | 9.738 | 16,23 % | 83,77 % |
| GASPERICH | 5.325 | 39,23 % | 60,77 % |
| GRUND | 925 | 36,97 % | 63,03 % |
| HAMM | 1.370 | 47,45 % | 52,55 % |
| HOLLERICH | 6.755 | 25,21 % | 74,79 % |
| KIRCHBERG | 4.791 | 24,44 % | 75,56 % |
| LIMPERTSBERG. | 10.068 | 26,09 % | 73,91 % |
| MERL | 4.869 | 29,47 % | 70,53 % |
| MUEHLENBACH | 1.652 | 35,96 % | 64,04 % |
| NEUDORF/WEIMERSHOF. | 5.306 | 25,42 % | 74,58 % |
| PFAFFENTHAL | 1.194 | 41,71 % | 58,29 % |
| PULVERMUEHL | 333 | 32,73 % | 67,27 % |
| ROLLINGERGRUND/BELAIR-NORD | 3.973 | 29,12 % | 70,88 % |
| VILLE-HAUTE. | 3.312 | 34,99 % | 65,01 % |
| WEIMERSKIRCH | 2.070 | 30,58 % | 69,42 % |
| **TOTAL** | **107.340** | | |

*(Source: VdL/Etat de population)*

# Interview
## mam Serge Tonnar

**WÉINI HUES DU UGEFAANGEN, MUSEK ZE MAACHEN?**
Ech géing soen, dat si lo sou 30 Joer hier. Mat 15 Joer hunn ech ugefaang, e bëssi méi serieux Gittar ze spillen. Ech hunn eigentlech ëmmer gesongen. Schonn als Kand hunn ech ëmmer, wa meng Eltere Besuch haten, mat menge Bridder sou eng Show gemaach. Eng Plack opgeluecht, Mikro an d'Anlag gestach an dann drop gesongen. A mat 15 hunn ech du serieux Coursë geholl an dunn ass et lassgaangen.

**ZU WI VILL BRIDDER WAART DIR DANN?**
Zu dräi.

**VU WÉINI U WOUSST DU, DASS DE WÉILST MUSEKER GINN?**
Wat heescht dat ‚Museker ginn'? Museker dat gëtt een net, mee dat ass ee schonn. Et denkt ee Musek, an da fänkt een un, Musek ze maachen, an et hält een ni méi domadder op, wann ee wierklech passionéiert ass. Ob een dat elo berufflech mécht oder als Hobby, ass am Fong egal. Et ass einfach eng Passioun, déi ni méi ophält. Ech hunn awer fir d'éischt meng Schoul fäerdeg gemaach, d'Première, an du war ech nach 2 Joer op d'Uni. An duerno sinn ech zréck komm an hunn ugefaang, hei am sozio-kulturelle Radio, en heescht elo 100 Komma 7, ze schaffen. D'Musek hunn ech ëmmer niewendru gemaach. Ech hunn dann och ugefaangen, Theater ze maachen, dat heescht Musek ze schreiwe fir Theaterstécker, an op eemol hat ech e festen Job. Musek, Theater plus eng Famill, wou ech Papp gi sinn, dat wor dunn awer alles ze vill. A vun do un hunn ech decidéiert, Museker als Beruff ze maachen. Ech maachen net nëmme Musek, mee schreiwen a spillen och heiansdo am Theater.

**WANN S DE ELO NEES UM UFANK WÄERS, GÉIFS DE DEESELWECHTE WEE NACH ENG KÉIER GOEN?**
Also, meng Philosophie ass, dass een éischtens ni méi um Ufank steet, a wann s de géifs do stoen, géifs de och net gefrot ginn, wéi e Wee dass de wëlls goen. Ech plangen net jorelaang am Viraus fir ze soen, ech wëll lo do an dohinner kommen. Ech loossen éischter d'Saachen op mech zoukommen. Obschonns ech e ganz aktive Mënsch sinn, mee awer net een, deen lo seet, ech muss d'Kontroll hunn oder ech kontrolléiere mäi Schicksal, ech weess, wou ech hiwëll. Ech engagéiere mech och immens staark an allem, wat ech maachen. Also ech bereien näischt, wat ech gemaach hunn, ausser lo sou privat Dommheeten, dat huet jiddwereee gemaach. Mee och déi gehéieren zu engem Liewen.

**WÉI HUNN D'MEMBERE VUN DER GRUPP SECH FONNT?**
Ech hat fir d'éischt nach aner Gruppen, do hunn ech op Englesch Musek gemaach. Mat Legotrip hunn ech 2003 ugefaangen, Musek op Lëtzebuergesch ze maachen. Dat huet sech einfach esou erginn. Et waren immens vill Lidder, déi ech ganz eleng doheem opgeholl hunn ouni aner Museker. Dunn hat ech op eemol e ganzen Disk zesummen, deen hu mer erausbruecht, mee deen hat nach net vill Leit interesséiert. An dunn hunn ech 2008 den zweeten Disk op Lëtzebuergesch gemaach, och nach eng Kéier eleng. An dunn hat ech awer och ëmmer méi Concerten, wou meng Musek och ëmmer méi gefrot ginn ass, Legotrip-Saachen, lëtzebuergesch Saachen. An dunn hunn ech Museker aus menger anerer Band zesummegeholl, dat war dunn de Corbi um Bass, den Eric um Piano, an esou ass déi Band am Fong entstanen. De Misch op der Batterie ass 2011 als leschten dobäi komm. An dunn hu mer och zesummen den Album „Klasseklon" opgeholl. Dat war den Éischten op Lëtzebuergesch, deen ech mat der ganzer Band opgeholl hunn.

**VU WOU STAAMT DEN NUMM „LEGOTRIP"?**
Well dat sou eng Zort Egotrip war déi Zäit, well ech, wéi gesot, aner Projeten hat, huet dat hei sech einfach esou erginn. Mee Egotrip am Positiven, net elo Egowan. Egotrip, einfach eppes ganz eleng maachen, kucken, wat dobäi erauskënnt. A Lego hunn ech dobäi gesat, well dat eppes bauen ass, ‚t ass jo net nëmmen en Egotrip mee mat Lego baus de eppes, kreativ, voilà an esou sinn déi zwee verbonne ginn.

**WIE SCHREIFT BEI IECH D'TEXTER A WIE SCHREIFT D'MUSEK?**
Dat maachen ech alles.

**PROUWEN?**
Sou mann wéi méiglech. Ech schreiwe meng Lidder doheem, huelen se op, schékken se un d'Museker an da spille mer se zesummen. Dann huele mer déi nei Lidder bei ons am Proufsall op. Dat ass awer och net richteg geprouft, well jidderee mécht do seng Saachen dobäi. Da gëtt dat gemixt an opgeholl, da kënnt den Disk, a fir d'Sortie vum Disk musse mer eeben all déi Lidder zesumme prouwen, fir se live kënnen ze spillen. Live ass och e bëssen eppes aneschters wéi um Disk. Et muss ee kucken, wéi een dat ëmsetzt. Virun deenen éischte Concerte gëtt dann immens vill geprouft. Awer wann dat bis leeft, dann hu mer am Joer 50 bis 70 Concerten. An do prouwe mer am Fong bal net méi, well mer dann op der Bün stinn, ‚t ass eng Prouf virun de Leit. Do brauchs de da keng Prouf méi, well s de sou oft spills. Ausser wa mer elo eppes Spezielles maachen, z.B. e Concert mat Bléiser oder en anere Stil. Mee soss prouwe mir am Fong net.

**VU WOU KOMMEN D'IDDIE FIR D'TEXTER?**
Aus dem Liewen, vun iwwerall, also Iddie kënnen zu deenen onméiglechsten Zäite kommen. All Moment kann een Iddien hunn, et héiert een iergend eppes, ‚t ass en Ausdrock, ‚t ass eppes, wat een erlieft huet, gesinn huet, eppes wat ee gelies huet oder sou lëtzebuergesch Ausdréck, an da schreiwen ech mer dat ëmmer alles op. An dann, wann ech komponéieren, also Lidder schreiwen, da kucken ech meng Iddien duerch, vläicht bleift eppes hänken, an da gräifen ech dat op. An da maachen ech Musek bei d'Texter dobäi, da kënnt dat beieneen. Wann et gutt geet, da gëtt en Zéngtel vun den Iddien ëmgesat. Déi aner, déi fléien iergendwann. Sammelen an dann herno sortéieren.

**HUES DE NI DRU GEDUECHT, ELO AN ENGER ANERER SPROOCH ZE SCHREIWEN?**
Wéi gesot hunn ech jo schonns op Englesch Musek gemaach, mee elo, wann ech alt probéieren, ech kommen ëmmer nees op d'Lëtzebuergescht zréck. ‚t muss een einfach dat maachen, wat ee fillt, do huet et da kee Wäert ze forcéieren.


**HUES DE AM AUSLAND SCHONNS GESPILLT, VU DASS DE OP LËTZEBUERGESCH SÉNGS?**
Mir hunn eng Kéier an der Belsch gespillt op engem Festival, 2 Owenter zu Chassepierre, an dat war mega-cool. Do waren net vill Lëtzebuerger am Sall. Et war awer mega Stëmmung. D'Leit hunn net missten d'Texter verstoen, fir awer gutt ze flippen. Et ass immens gedanzt ginn, am Fong méi wéi hei nach. Et war een Owend, wou se oben-ohne op den Dëscher gedanzt hunn. Sou, dass d'Sprooch am Fong keng Barrière ass, fir iwwer d'Grenzen ze goen.

**WÉI FIERS DU OP D'AARBECHT?**
Ech fueren ëmmer anescht op d'Aarbecht. Ech sinn zwar Stater, mee ech wunnen awer zu Miersch. Mäin Haus ass direkt bei der Gare, sou dass, wann ech hei an d'Bannanefabrik op Bouneweg kommen, ëmmer den Zuch huelen. Ech fuere sou mann wéi méiglech mam Auto. Well ech net onbedéngt Loscht hunn, am Stau ze stoen. Mee ech hunn awer och vill op Plazen ze dinn, wou den Zuch net hält oder och zu Zäiten, wou keng Zich méi fueren. Concerten, Theaterstécker spillen, dat ass ëmmer owes, ëmmer op anere Plazen, duerch d'ganzt Land, do muss een da mam Auto ronderëm fueren. Mee ech fueren och vill mam Vëlo a mam Moto.

**WÉI GESÄIS DU LËTZEBUERG: ELO, VIRUN 20 JOER AN AN 20 JOER?**
Also ech wunnen elo schonn 20 Joer net méi hei an der Stad. Mee et huet sech esou vill geännert hei zu Lëtzebuerg an deenen 20 Joer, géif ech soen. Kulturell ass zu Lëtzebuerg ni ganz vill gelaf. Virun 20-25 Joer goufen et ëmmer nëmmen e puer Plazen, wou Concerte waren. An dat ass explodéiert an deene leschte Joeren. Iwwerall si Concerten oder Theater. All Owend hues de de Choix tëschent sou vill Saachen. An dann, wéi ech am Lidd och schreiwen "Laksembörg Sitti", wat mech eebe stéiert, ech war ëmmer a sinn och nach elo frou mat der Stad, well et kritiséiert een näischt, mat dem een net frou ass. Du hues jo och ni Sträit mat Leit, déi der egal sinn. Mee wann s de frou bass mat eppes, wéi mat der Stad, da kritiséiers de se och. Ech si ganz positiv op d'Stad agestallt, voilà ech fannen se och ganz schéin. Mee wat mech gestéiert huet, wéi ech dat Lidd déi Zäit geschriwwen hunn, dat ass eben dat Bild, wat d'Stad sech gëtt. Luxembourg City dat ass mol schonn dat Englescht. Alles, wat se maachen, muss ewell sou marketing-méisseg agepaakt ginn, dat wat gëllt, ass d'Fassade. An dann déi englesch Ausdréck, dat ass esou, fir sech en internationale Flair ze ginn. Luxembourg City, Summer in the city, Luxembourg City Tourist Office, Shopping Meeting Point, a wat net alles nach. An dat huet jo awer guer näischt mat ons Lëtzebuerger ze dinn. Well mir si guer net esou, mir sinn einfach Leit, déi riicht eraus sinn, an déi hir eege Sprooch hunn. Et soll en dat alles op Lëtzebuergesch maachen. D'Stad heescht d'Stad, voilà. ‚t ass dat, wat sympathesch ass an engem klenge Land, dass mir fir ons Haaptstad einfach Stad soen. An engem anere Land géif dat net goen, well do ginn et Honnerte vu Stied. Mee fir eis ass et d'Stad, an d'Gare ass fir eis d'Gare. Wann s de géifs an d'Stad fueren, la ville s.v.p. oder a Frankräich, la gare. Mee dat ass sympathesch a wa mer ons no bausse wëlle verkafen, misste mer dat och esou verkafen. An och an eiser Sprooch. An och wann d'Auslänner dat net direkt verstinn, da kann een dat nach ëmmer erklären, mee et ass méi interessant, wann een sech esou gëtt, wéi een ass, wéi wann ee versicht, een ze sinn, deen een net ass. An dat ass dat, wat mech un der Stad ëmmer e bësse gestéiert huet an 'tW ass haut och nach ëmmer esou.
A wann s de kucks déi Geschäftsstroossen, déi gesinn iwwerall d'selwecht aus. An all Stad sinn et iwwerall déi nämmlecht Geschäfter, déi nämmlecht Chaînen an dat hëlt de Charme vun enger Stad ewech. Well ‚t ass näischt Spezifesches méi do, wat wierklech der Stad eegen ass, wat et net anzwousch anescht gëtt. Ech hunn am Lidd geschriwwen "d'Stad ass dout no 6 Auer", bon dat ass haut net méi esou, well vill méi lass ewell an der Stad ass. Mee trotzdeem ass d'Stad no 6 Auer dout, wann s de d'Haiser kucks, well do wunnt keen. Do wunnt kee Mënsch. D'Leit ginn dann nach dohinner, am Dag sinn se do fir d'Butteker, an owes sinn se do fir Entertainment, fir ënnerhalen ze ginn. Awer Leit, déi do wunnen, Leit, déi do liewen, dat feelt. Vu Jonke scho guer net ze schwätzen. Dat ka kee Jonke sech leeschten. Dofir sinn ech och aus der Stad eraus, wéi ech meng Famill hat an en Haus gesicht hunn an sou weider an och nach eppes gebraucht hunn, wou ech kéint meng Musek maachen, mat engem Sall niewendrun, wou ech net stéieren. Dat kanns de an der Stad vergiessen, fir do eppes ze fannen, dat war scho virun 20 Joer esou an haut ass et nach vill méi deier.

**VILLMOOLS MERCI FIR DËSEN INTERVIEW**

*Flanter*


Foto : Alain Schlesser




© tomogul / photocase.com

# Angels
## Kinokritik

### *Critique Minions*



Les Minions existent depuis plus longtemps que les Hommes. A travers les siècles, ils ont toujours servi les plus méchants, mais jamais pour longtemps. Quand vint l'homme sur Terre, ils essayèrent de garder le plus méchant, mais avec leurs bêtises, ils le perdirent. Pendant longtemps, les Minions ont cherché une place où vivre et ils l'ont trouvée. Mais le bonheur des Minions ne dura pas longtemps. Kevin, Bob et Stuart se mirent alors à la recherche d'un nouveau grand méchant.

C'est un film pour les enfants. J'ai bien rigolé un peu, mais ça reste un dessin animé pour les gosses. Il n'empêche qu'il est bien fait.

### *Critique Terminator Genesis*

Dans le futur John Connor sauve Kyle Reese de l'attaque d'un Terminator. Plus tard, il envoie Kyle dans le passé, mais le passé a changé. Sarah Connor a déjà un Terminator qui la protège depuis l'âge de 9 ans. Kyle veut d'abord le tuer, mais Sarah l'en empêche. Un Terminator nouvelle génération les poursuit, pour la tuer, mais n'arrive pas à ses fins. Sarah veut aller en 1997, mais Kyle lui explique que le futur aussi a changé et qu'ils doivent aller en 2017. Là, elle rencontrera son fils John, mais ni elle, ni Pops (le Terminator), ni Kyle ne savent que John est devenu l'ennemi. Vont-ils réussir à sauver l'humanité ?




Un film à aller voir absolument. Arnold Schwarzenegger joue un Terminator qui ne se prend pas toujours au sérieux. Il y a de l'action, du rire et ce film va en surprendre plus d'un. Je vous souhaite une bonne soirée cinéma.





# Refuge
## Péitrusshaus

*Péitrusshaus est un établissement qui accueille les jeunes en difficulté.*

*Le service est assuré par des éducateurs, des assistants sociaux et une psychologue.*

Pour le Luxembourg, il s'agit d'un projet-pilote. Les jeunes entre 12 et 18 ans peuvent se rendre à l'institution. Ils y ont la possibilité d'avoir un lit pour une courte durée (maximum 5 jours) ou de demander des conseils pratiques en cas de situation de crise. Il s'agit de jeunes qui ont fait une fugue parce qu'ils ne s'entendent plus avec leurs parents ou parce qu'ils ont été maltraités ou encore parce qu'ils ont d'autres problèmes graves. Il faut cependant ajouter que l'institution respecte le cadre légal. Il s'agit, comme cité plus haut, d'un séjour limité de quelques jours. En aucun cas, un jeune délinquant ayant fui un centre pénitentiaire ne peut jouir d'un séjour au Péitrusshaus pour se soustraire à de la détention.

La demande d'admission se fait du propre gré du jeune. Ce dernier doit se rendre sur placeet faire une demande soit pour un hébergement temporaire, soit pour une consultation dans le domaine psychosocial. Dans la majeure partie des cas il s'agit d'une orientation vers une autre institution, soit pour une thérapie d'une certaine durée, soit pour vers un autre service social ou encore pour un hébergement strictement temporaire. Il existe également des jeunes qui viennent au Péitrusshaus sans rechercher un hébergement, mais seulement en vue d'avoir des conseils.

L'institution fonctionne en s'appuyant sur les expériences dejà faites en Belgique ou en Allemagne tout en les adaptant à ses propres besoins.

En résumé, Péitrusshaus est un « point de contact » en cas d'urgence : soit en cas de problèmes familiaux, soit en cas d'autres situations de crise aiguë. Le service est géré par l'asbl Solidarité Jeunes et cofinancé par le MENJE (Ministère de l'Education Nationale et de la Jeunesse) et la Ville de Luxembourg. Le Refuge Péitrusshaus est joignable via Hotline 8002 6002 pendant 24 heures sur 24, et 7 jours sur 7.

*Jm*








# De Menni
## an de Jönni

Wie sinn déi zwee? Dat ass eng gutt Fro. Si sinn net aus Lëtzebuerg, obwuel een dat menge kinnt. Ech hunn si 2002 zu Budapest kenne geléiert. Si woren net ganz glécklech an hu sech net wuel an hirer Haut gefillt. Wéi och? Deemools, wéi ech zu Budapest war, do hate si e fatzege Wanter. Minus 15 Grad, an déi zwee haten net vill z'iessen, well si och nach keng Aarbecht haten. Sozialhëllefe wéi mir se kennen, sinn et an Ungarn ni ginn a ginn et bis haut net.

Wéi ech hinnen da gezielt hunn, wéi mir hei zu Lëtzebuerg ginge liewen, do hunn hir Ae geglënnert. Ech wëll domat net soen, datt si liddereg wieren, am Contraire. De Menni war Elektriker an huet zu Budapest am Stadwierk elektresch Installatioune gemeet. Hien hat souguer de Poste vum Chef d'Equipe. Mee wéi de Pech et esou wëll, ass d'Elektricitéitsgesellschaft privatiséiert ginn, an de Menni konnt goen, säin Numm heescht näämlech an der Landessprooch „goen", a sou hat den Numm Programm, sou elle wéi dat klèngt.

Dem Jönni ass et net vill anescht gaangen. Hie war Aarbechter an engem Kombinat, dat no der Revolutioun zougemaach huet, well d'Produiten, déi se produzéiert hunn, net méi gefrot waren. Do ass de Jönni an de Chômage komm. Do kommen (sou heescht säin Numm op Ungaresch) ech ni méi eraus, well ech näischt geléiert hunn.

De Menni an de Jönni sinn zoufälleg zesummekomm, an ech hat mir hir Geschicht ugehéiert. „Da gi mir zesummen op Lëtzebuerg, an do kritt dir gehollef." No mengem Openthalt an Ungarn hunn ech déi zwee op Lëtzebuerg bruecht. Do hunn si dann den RMG kritt a konnte liewen. Op der Stëmm vun der Strooss hu si lessen a Gezai kritt.

Mee dem Jönni ass Lëtzebuerg schlecht bekomm, ze vill Vodka an esou. De Menni huet och seng Erfarunge gemaach an zwar mat haarden Drogen. Do huet d'Ongléck säi Laf geholl, vun enger Institutioun bei déi aner. De Menni war am Abrigado gelant, an elo ass hien zanter 2011 op der Strooss.

De Menni ass esou richteg kriminell ginn, ass agebrach, fir säi Liewensniveau ze finanzéieren. 2014 ass hien dann zu Schraasseg gelant. De Jönni ass an Däitschland op Entzuch. Sou geet et zu Lëtzebuerg, wann een net oppasst a mengt, hei kinnt een all Dommheeten ausprobéieren.

Jo Menni, jo Jönni ...

*Jm*

# Fresh
## eyes on Luxembourg

### ALMOST IMMEDIATELY


after the train conductor announced our imminent arrival at the grand duchy's historic train station, everyone including myself began organizing his or her affairs to prepare for our decent. Soon I would be walking through the front doors of the stone clad station and would lay my eyes upon Luxembourg for the first time. As my eyes adjusted to the luminous rays of light that cut through the clear skies and that bounced vigorously off the windows and white washed stones of the building before me, the grand capital of Luxembourg first began to show its self in all its glory. The streets were alive and crawling with people from all around the world. I wasn't able to walk more than 10 meters without hearing a multitude of languages being spoken in unison like some disorganized orchestra. Luxury cars, buses, and Mercedes Benz taxis filled the roads as if to say that this was a city built on an ever-advancing economy. Banks and high-end boutiques lined these busy streets as if to reinforce the fact that Luxembourg is all about business and that business was good. Low flying commercial planes zipped through the skies in all directions, almost matching the «rat-race» of the world below is if it was some sort of unannounced competition. I would soon start becoming uncomfortable of my surroundings. The fact soon hit hard that my pockets were not as deep as those of the people around me. The 35 cents that were in my pocket would keep reminding me of this fact as it sadly clanked and clucked like a sad song as I walked. I was not only out of my element, but completely unpaired, and although the hunger that burned in my belly never turned into disperse, I was looking over its edge. Ignoring my hunger I now continued on with «March or die» repeating in my mind, over, and over in an attempt to brainwash the pain away. With a smile on my face and hope on my shoulders, I put one foot in front of the other as I regarded this beautiful city with fresh eyes. Not knowing where I was going, but going nonetheless, I wondered aimlessly further and further away from the station. Soon I would hear a familiar language being spoken and my hunger coupled with my «social butterfly» personality prompted me to engage this group of complete strangers in conversation. Shamelessly I politely excused myself for interrupting their conversation, introduced myself and asked «is there anywhere I can eat for free close by, like a homeless shelter or something, anything?" One of the men kindly replied «no, but there is a place where you can eat for 50 cents.» I reached in my pocket and pulled out my change in hopes that my 35 cents magically turned into 50 cents somehow, but I had no such luck. Before I could recount my change again in hopes that I had missed a coin or two previously, they all began digging in their pockets. Before I could say a word about my insufficient funds or that I haven't eaten for days, I now found myself with 5 euro's and 35 cent in hand and an enthusiastic guide who volunteered himself to take me to the place mentioned. As we walked down the street he would boost about how good the food was, and that I would be eating plenty soon enough. «There's also juice, fruit, soup and bread» he said. As we walked, he kept talking with such enthusiasm about this place, that I grew more and more hopeful by the minute of this feast I was soon to have. As we rounded the corner he looked at me with a stern look on his face and said «I've eaten here at times, anyone can come here to eat, there is no shame in it, it's a really good place.» now standing in front of the not yet open "Stëmm vun der Strooss", he would look at his watch and tell me, that they would open in 2 hours' time. In which I replied, «I've gone this long, another couple hours isn't going to kill me.» He laughed and we then shook hands as I thanked him from the bottom of my heart for all his help. As time went by, I paced up and down the street joyfully at the fact that soon I would fill my belly with hot food. When people started



to show up and group together around the front door, I followed suit. The last 5 minutes seemed to take ages, so much so that I thought my watch had stopped working. As I looked at my watch it hit 11:30 the doors opened, and we all went in. It was everything that my self-appointed guide had mentioned, and more. I would walk out couple hours or so later with a full belly, freshly showered, clean-shaven and with a ticket to pick up my laundry the next day. I couldn't believe it, I thought to myself how amazing it was that In the midst of this dog eat dog world, a world that has desensitized us to the needs of others, here stood a place that had separated itself from the greed of the «survival the fittest» mindset and instead accepted people in need with open arms and respect. And although there are many places that offer help to the needy through out the world, (some more than others) I have never seen such professionalism and generosity offered, as I had seen here. This experience prompted my eyes to open even more to Luxembourg's capital city as I now began to play the «guerilla-tourist.» I analyzed the grand duchy taking in as much detail as I could absorb. Luxembourg City's mini-Manhattan-ask style is quite impressive to experience firsthand. Everywhere you turn there's construction. Historic buildings, bridges and stone walls being rehabbed left and right, while other buildings with no historical value are reduced to rubble to make way for the new wave of the «soon to be.» If you venture outside the city you see the same phenomenon taking place within these quaint neighborhoods that seem to have resisted change for as long as possible. Now among these old stone homes with their hundreds if not more years of stories that will soon be erased, lay postmodern concrete Lego type cookie cutter homes that seem to go up faster than the changing of the seasons. There seem to be no lack of investors when it comes to Luxembourg City and the villages surrounding it. As deep-rooted as this great city is in history, the future of its ever-strengthening foundation will surly continue to guaranty its place at the top of the list of greatest cities in the world. What Luxembourg city lacks in size it more than make up with its diversity, culture, history, remarkable social system, and some of the kindest people I've had the pleasure of being around. And if I were to choose one word to sum up Luxembourg City, I would have to say without any hesitation that Luxembourg City is nothing but «genuine.» And as I continue to look upon this great city with fresh eyes, no day goes by where I am not impressed by something new I had previously over looked. I'm sure this is only the beginning, the tip of the iceberg if you will, of many great memories that I will cherish wholeheartedly of Luxembourg City and the people within it.

*Dahk Thor Cesar*

# Sans commentaire



















# Action

## Grouss Botz op der Kinnekswiss




**Die größte zusammenhängende Wiese auf dem Territorium der Stad Luxemburg ist die "Kinnekswiss" im Stadtpark. Sie erstreckt sich von der avenue de la Porte Neuve bis hin zur avenue Emile Reuter auf Höhe der Charlys Gare. Sie ist bei vielen Menschen beliebt, zum Spielen, Relaxen und auch einfach nur hinüber zu schlendern. Doch leider bringt das auch eine negative Seite mit sich: Müll.**

Um die Menschen auf das Problem der Verschmutzung der Kinnekswiss im Speziellen aber auch unsere Wegwerfgesellschaft im Allgemeinen aufmerksam zu machen, hat die Stadt Luxemburg dieses Jahr zur 1ten Grouss Botz Aktioun auf die Kinnekswiss eingeladen.


Etwa 10 Eltern sind mit ihren Kinder dem Aufruf gefolgt und haben in einer guten Stimmung die Kinnekswiss vom Müll befreit. So bekamen die Teilnehmer einen Einblick in die Arbeit die jeden Wochentag vom Service Hygiène und Samstags und Sonntags vom Service Park geleistet wird um den Park und speziell die Kinnekswiss für jeder Mann sauber und angenehm zuhalten.

Nach getaner Arbeit ging ein toller Vormittag bei Kaffee und Hörnchen zu Ende. Jeder Teilnehmer hat als Andenken ein Einkaufstasche mit Block und Kugelschreiber sowie eine Miniarur-Mülltonne erhalten.





# Interview
## mam Glouki



**Stell dech w.e.g kuerz vir.**
Ech sinn de Glouki, hunn 30 Joer a sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Ech hu keng Aarbecht a liewe vum RMG.

**Wéi laang hänks de scho mat Obdachlosen?**
Säit ech vum Lycée hier an d'Stad kommen. Du gesäis se iwwerall an der Stad, verschiddener waren da ganz fein, dann hues de eeben och mat deene geschwat als 13järegen, also am Fong schonn zimlech laang. Op d'Wiss kommen ech säit ech 15 Joer hat.

**Wéi gesäis du Lëtzebuerg?**
Et ass e Land ouni Zukunft, wann s de kee Geld hues!

**Gesäis du een Ënnerscheed vun elo a viru 5 Joer?**
Et si vill méi Rumänen hei, an et sinn och méi Obdachloser do ewéi viru 5 Joer. Ech mengen, wann ech elo sou kucken, sinn elo labber dat Duebelt vu Leit op der Strooss, an et kommen der ëmmer méi bäi.

**Wat misst denger Meenung no gemaach ginn?**
Ech géif et wichteg fannen, dass mir emol en Haus géifen zur Verfügung gestallt kréien, wat vläit kéint geréiert gi mat e puer Educateuren, wou een op d'mannst een Daach iwwert dem Kapp huet. A vläit spéider och mol rëm eng Aarbecht fannen oder op d'mannst vläit den RMG kréien. Domat wier ville Leit schonn emol gehollef, wann se moies fréi opstinn a wéinstens 10 Euro an der Täsch hunn.

*Wouter, Cocoon*

# Interview
## mam Tom



**Stell dech kuerz vir.**
Ech sinn den Tom, sinn elo 31 Joer. Ech sinn aus der Stad an hu keng Adress a keng Aarbecht.

**Wat ass deng Nationalitéit?**
Ech si Lëtzebuerger. D'Origine aus Däitschland, mee hei gebuer.

**Bass du scho laang obdachlos?**
Ech sinn elo obdachlos säit Ufank Dezember. An esou laang ech keng Adress hunn, ass et och ganz schwéier fir mech, erëm op d'Been ze kommen.

**Wéi laang kënns du schonn op d'Wiss?**
Ech menge schonn eng gutt 17-18 Joer.

**Wéi gesäis du Lëtzebuerg? Wat häls du vun der Stad Lëtzebuerg?**
Jo, eng propper Stad, eng convivial Stad, multikulturell, net ze grouss, kennt een ëmmer d'Leit erëm, an et begéint ee meeschtens ëmmer déiselwecht.

**Wéi war et viru 5 Joer dobaussen a wéi ass et elo? Ass do e groussen Ënnerscheed?**
Am Fong gëtt et kee groussen Ënnerscheed. Just, datt ëmmer méi Leit an d'Aarmut gerëtscht sinn, an datt ëmmer méi Leit op der Strooss sinn, ob si elo Lëtzebuerger sinn oder Auslänner, mee et mierkt ee wierklech, datt d'Mëttelschicht verschwënnt, an datt déi Räich méi räich ginn, an déi aarm Leit méi aarm ginn.

**Wat misst denger Meenung no gemaach ginn?**
Strukturell gesinn, misst et een Opfänke fir d'Leit ginn, wou se kënnen iwwert hir Problematik schwätzen. Net am Generellen, mä e bëssen datt och gekuckt gëtt, wou de Problem läit! A wisou déi Leit sou dru sinn, wéi se eeben dru sinn. An eng Struktur fannen, fir déi Leit erëm anzeglidderen an d'Gesellschaft.

**Hues du Zukunftspläng?**
Jo. Eemol eng Adress fannen, dann erëm een Appartement oder eeben en Zëmmer. Da lues a lues erëm op d'Bee kommen an hoffen, datt ech net hei drafalen, an datt ech e ganzt normaalt Liewe féiere kann, wéi all déi aner Leit och.

**Merci Tom!**

*Wouter, Cocoon*



# Mindless vandalism
## or hate crime?



Every time I walk past the magnificent church in Centerville, I'm struck with a profound sense of dumbfounded confusion. I'm not sure if the green paint that was splattered across the ancient stones of the church was done by some toy-wannabe-graffiti writer, or if it was done by someone trying to pass off another more sinister type of message. Either way, this crime stands out for so many reasons, well at least it does to me. For those that don't know, there are rules to graffiti. Rules that a writer should abide by so as to not disrespect other writers and /or make himself look stupid. Among these rules are a set of <do not write on...> type rules that include: DO NOT WRITE ON: cars, houses, schools, religious sanctuary's, <churches, grave yards, or any place of worship of any kind.> so in the case that this idiotic crime was done by some brainless wannabe clueless writer, there is no excuse. He/she should have learned the history and most importantly learned the rules of the game before he /she went out on the streets to play. That being said, I still can't understand the «artistic message» this person was trying to pass off, if in fact it was done by a wannabe graffiti writer who was trying to pass off an artistic message of any kind. Sadly in today's world it's nothing new to see the aftermath of unexperienced kids who seem to have spent more time watching YouTube-videos of established artists, then striding the roots of the art they so eerily want to be involved in. So it wouldn't surprise me in the least to find out it was some clueless kid with nonsense, and too much time on his hands they rather spend destructively then productively. Then there's the other possibility. The possibility that the green paint thrown on this historical landmark was thrown out of hate. It could be that someone with a grudge took it upon themselves to deface those priceless stones in an attempt to seek revenge for whatever reason. If this is the case, I am still at a lost as of what the message is spots to be, or what it has accomplished. Besides having the churches insurance company pay thousands and thousands of Euros for the cleaning and restoration of those stones, what have they accomplished? I can't think of anything. the church still stands with the same impact on this great city as it always has and no money has been taken out the church and put into repairing the damages seeing as its covered by insurance. And most importantly no one but myself seems to notice. Tourist still pose for pictures in front of the church day in and day out without thinking twice, and although the initial shock must of been a big one to the church, its members, law enforcement and the insurance company. Time moves on, problems get solved and once the paint is cleaned off, ill will be forgotten. If this is a hate crime, it has had no impact whatsoever and the person who committed this pointless crime should feel ashamed. We may never know whether this was some sad attempt at graffiti or if it was an even sadder attempt at a hate crime, what we do know is that it was pointless and the only thing it has done, is reinstall the fact that there are still people in this world that act without thinking or that act with hate. Its seems that the more we advance towards the future we seem to forget more and more about life most fundament element <respect>. Though we all have things we don't agree with or that don't make sense to us, we must not forget that others do agree with whatever it may be and that even though you don't understand, to them it makes all the sense in the world. We must stop trying to change the world for ourselves but instead make advancements that benefit us all. Till then sadly, I am sure we are in it for the long hull and that disrespect will continue to show its ugly face from time to time as it has once again shown itself in the form of green paint.

*Dahk Thor Cesar*












# CAPITAL : SOUNDS

*De Festival Capital Sounds huet dëst Joer fir déi éischte Kéier den „FOOD FOR SENSES“ ersat.*
*Den Terrain, deen nach d'lescht Joer fir "Food for Senses" benotzt ginn ass, steet net méi zur Verfügung;*
*d'ASBL wollt awer och dëst Joer eppes organiséieren, an sou ass d'Rotonde eng Alternative gewiescht.*
*Natierlech war et eppes ganz aneres an der Stad um Beton, ewéi virdrun op enger Wiss.*
*Et ass versicht ginn, d'Virstellung vum Festival sou gutt wéi méiglech ze realiséieren.*
*E krut en aneren Numm, mee déiselwecht Aart vu Gruppen ass ugeschriwwe ginn.*



Um Site sinn iwwerall Sëtzméiglechkeeten higestallt ginn. Couchen, Dëscher mat Still, Këschten, zesummegestallt als Sëtzgrupp, alles konterbont gemëscht. Iwwerall wor en Touch vu Konscht an ass gemoolt ginn. Entweder d'Leit hunn sech mole gelooss oder iergendwelleg Hannergrënn si bemoolt ginn.

Et huet een iwwerall Plaz fonnt fir ze danzen oder ze chillen an der Musek nozelauschteren, déi baussen um Site gelaf ass. Verschidden DJen hunn do opgeluecht.

Bannen an der Rotonde wor de Sall fir d'Concerten. Gruppen, déi iwwert déi 3 Deeg do opgetruede sinn.

D'Redaktioun vun der Stëmm vun der Strooss krut 5 Tickete vun der "Food for your senses asbl" geschenkt fir op de Festival ze goen, an et huet ons super do gefall. Mir soen hinnen dofir villmools MERCI a freeën ons schonn elo fir d'nächst Joer op de Food.

*Flanter*








# Interview
## mam Origanisateur Frank

**Kanns de dech kuerz virstellen?**
Ech sinn de Frank, an ech hëllefen de Food organiséieren. Ech sinn am Comité vun der ASBL, a vu, dass et dëst Joer mam Open-Air Festival näischt ginn ass, hu mer eeben hei de CAPITAL SOUNDS organiséiert. Ech këmmere mech haaptsächlech ëm alles wat Logistik ass a wat de Site ubelaangt.

**Wéi krut der sou vill Lëtzebuerger Bands motivéiert?**
Dat war vun Ufank u sou. Dat gehéiert zur Entsteeung vum Food dozou. De Kär dovunner ass, de Lëtzebuerger Bands eng Plattform ze bidden, wou si virun engem grousse Public kënne spillen. An ech mengen, sou ass de Food entstanen. Et war am Ufank de Club des Jeunes vun Tënten, am Keller vun hirem Clubsall, wou da Lëtzebuerger Bands gespillt hunn, an dorausser ass dann e Festival entstanen, wou mer awer nach ëmmer immens vill Wäert drop leeën, dass eng Majoritéit vu Lëtzebuerger Bands spillt. Hei gëtt et och vill Qualitéit, mee si hunn eeben net ëmmer déi Chance op grousse Bünen opzetrieden.

**Firwat konnt den "Food for your senses" dëst Joer net stattfannen?**
Dëst Joer hu mir keen Terrain fonnt. Mir hunn en neien Terrain gesicht, well zu Bissen, wou mer déi lescht zwee Joer waren, lo eng Industriezone gebaut ginn ass, wat mer och virdru wousten. Mee mir hunn et iwwert déi lescht 2 Joer net fäerdeg bruecht en Terrain ze fannen, deen all déi Ufuerderunge fir e Festival erfëllt. Dofir hu mir ab engem bestëmmte Moment gesot, "Okay et huet kee Wäert méi ze sichen, mir mussen eng Alternativ fanne fir dëst Joer". An zwar den "Open-air" dëst Joer ofsoen. Wéi mer deen dunn ofgesot hunn, hu mer dat awer zimlech schued fonnt an dat heite gemaach.

**An den Numm ass geännert ginn?**
Jo, vu dass et net datselwecht war, wollte mer och en aneren Numm hunn. Food for your senses ass eeben en Open-air Festival, an dat hei ass eppes aneschtes. Et ass och flott, et mécht Spaass, mee et ass en anere Kader wéi gesot.

**Wéi gesäis du dat Changement, dat hei ass jo awer an der Stad?**
'T ass eeben dëst Joer eng Alternativ, well mer kee Feld fonnt hunn. Déi éischt Prioritéit bleift e Feld ze fannen, datt mer erëm kënnen en Open-Air op enger Wiss an der Natur organiséieren, wou dat Ganzt hirkënnt, an dat wëlle mer esou bäibehalen. Dat hei mécht Spaass, et war eng cool Erfarung. Et ass méi kleng wéi de Festival, eleng schonn den Terrain. Mee doduerch konnte mer eeben aner Saachen ausprobéieren, déi mer soss um Festival net probéiert hunn.

**Dir hutt jo awer vill Bands hei.**
Mir hu misste ville Bands, mat deene mir scho virdru geschwat haten, ofsoen. Mee mir hunn awer e coole Programm zesummekritt fir hei op d'Rotonde. D'Rotonde un sech ass och eng gutt Plattform, fir dat hei ze organiséieren.

**A fir d'nächst Joer?**
Fir d'nächst Joer si mer am Gaangen, no engem Terrain ze sichen.

**An de Capital Sounds, ass dat elo eng fest Veranstaltung?**
Nee, an sech net. Et huet Spaass gemaach dat ze organiséieren. D'Stëmmung ass och gutt, trotz dem Reen sinn d'Leit awer zimlech zefridden a begeeschtert. Eist Zil bleift "zréck op d'Feld", dat hei ass vläicht eng Saach fir dozwëschen ze maachen. A vu, dass mer lauter Benevolle sinn, déi dat organiséieren, ginn zwou Saache vläicht e bësse vill. Dat gëtt vläicht e bësse stresseg, mee do musse mer kucken, wat ons Equipe seet. Wa mer lo zesummegepaakt hunn an dann de Briefing maachen, da wäerte mer kucken, wat d'Leit dovunner halen. Vläicht maache mer et nach eng Kéier, vläicht net. Am Moment steet dat e bëssen an de Stären.

**Merci fir den Interview.**

*Flanter*





# Interview
## mam DJ Jean-François du Marché

CAPITAL:SOUNDS

**Kéins du dech virstellen?**
Mäin Numm ass Jeffrey Poggi a mäi Kënschtlernumm ass Jean-François du Marché. Ech hunn 32 Joer, sinn DJ am "Gudde Wellen" an ech gouf gefrot, fir hei um Capital Sounds Festival e puer Stonnen opzeleeën.

**Wéi laang méchs du dat schonn?**
Ech maachen dat elo schonn ongeféier 9 Joer. Ech wor bei de Läb virdrun, an do wor ech 5 Joer. An elo maachen ech eleng weider a mat enger anerer Grupp, déi „chapeaubeau" heescht. Mär maachen Ambient/Trip Hop Musek. Eleng als DJ maachen ech och aner Musek, net nëmmen Hip-Hop. Dat heescht och Funk, Soul, elektronesch Musek.

**Ass dat déi Musek, déi s du wëlls maachen?**
Naja, virun 9 Joer hunn ech eeben och vill Hip-Hop opgeluecht an am Moment sinn ech an engem Alter, wou ech net méi sou vill Hip-Hop lauschteren.

**Hues du e Beruff niewelaanscht?**
Ech schaffen am "Gudde Wellen" als DJ a Barman. Maachen also déi zwou Saachen zesummen. 40 Stonnen d'Woch. Et ass e flotten Job.

**Du waars op der Uni?**
Jo, ech war zu Innsbruck op der Uni, hunn awer do ofgebrach. Do hat ech och ugefaangen opzeleeën, zu Innsbruck. Ech hunn och mäi Studium net fäerdeg gemaach, ech sinn zréck op Lëtzebuerg komm an dunn hei geschafft a bei de Läb ugefaangen.

**Wéi hues du dann ugefaangen an de Museksberäich eranzekommen?**
Duerch Kollegen. Mir hunn ugefaangen sou Freestyle ze maachen mam Corbi a mam David, sou Sessions an dat huet Spaass gemaach an dunn eeben ëmmer weider a weider.

**Hues du CDen erausbruecht?**
Jo, als Jean-François du Marché hunn ech e puer Mixe gemaach. Mat de Läb hu mär zwee Studiosalben erausbruecht. Stëbslong a Sex, Drugs an e Prêt.

**Wéi kënns de op däi Kënschtlernumm?**
Mäi Kënschtlernumm ass entstanen, wéi mir mat de Läb e Concert a Frankräich haten, a mäi Virnumm ass jo Jeffrey an si hu gemengt, ech géif Jean-François heeschen an hu mech permanent sou genannt. An da mäi Familljennumm ass Poggi, dat war ëmmer e Geméishändler zu Esch, an dofir "du Marché". Also Jean-François du Marché.

**Wéi gees du mat Kritik ëm?**
Kritik ass ëmmer gutt, ob negativ oder positiv. Et muss een eppes domadder ufänken. Et soll een net direkt d'Bengele bei d'Tromm leeën, an et soll een awer och net e Risenego hunn an drop lass maachen, wat ee wëll. Et ass ëmmer gutt Kritik vun aussesteeënde Leit an net nëmme vu Kolleegen ze kréien.

**Merci fir den Interview.**

*Flanter*



# Batsoids

CAPITAL SOUNDS

4 Kolleegen déi sech schonns vu Klengem u kennen an och scho laang zesumme Musek maachen. Si haten ni d'Intentioun, fir eng Band ze grënnen, hunn doheem bei der Mamm an der Scheier einfach nëmme Musek gespillt. Bis den Dezember 2014, wou se beschléissen, eng Grupp ze grënnen. A schonns woren se voll dobäi. An eng super Chance, well ee vun den FFYS Responsabelen huet matkritt, dass si elo zesumme spillen an huet hinnen direkt en Optrëtt ugebueden. Dat war hir grouss Motivatioun, fir um Capital Sounds hiren alleréischte Concert ze spillen. Den Dominik, Bassist, den Tom, Drummer, de Pit, Leadgittarist an den Dan, och Gittarist. Hiren Numm Batsoids kënnt aus engem englesche Buch, an dass si op Lëtzebuergesch rocken, steet fir si ausser Fro. „Et ass ons Sprooch, mir si Lëtzebuerger." Hir Musek ass e Mix aus Rock a Punk, an si soe vun sech selwer, dass keen sou richteg hire Museksstil weess ze definéieren. „Mir sinn eng Band, déi sech spéit fonnt huet, a mir riskéieren et, mat deem, wat mer hunn, einfach eppes Neies ze maachen. Mir maachen et einfach. Et geet net dréms, perfekt ze sinn." Dat sinn hir Haaptaussoen, un deene vill anerer sech kéinten e Beispill huelen.

*Flanter*



# Bewusst leben?

Ich habe einen Beschäftigungsvertrag für 4 Stunden täglich, und bekomme dafür als Entlohnung 50 Euro für ein Monatsticket und 50 Euro als Taschengeld. Dann kommt noch Gratis-Verpflegung hinzu, und all das was jeder Klient hier auch bekommt. Die gelegentlichen Vorteile, die in der Stëmm ihre sehr eigene Eigendynamik haben, sind auch sehr hilfreich, wenn man nicht viel braucht, um ein angenehmes Leben zu führen.

Ich arbeite von Hause aus sehr gerne, ich muss leider so weit gehen zuzugeben, dass ich irgendwie nicht ohne kann, aber ich arbeite daran das zu ändern, was einem bei so vielen guten Vorbildern eigentlich nicht schwer fallen sollte. Als Ur-Deutscher habe ich den Anspruch an mich, meine Arbeit gut zu machen. Einfach nur die Zeit absitzen und zu hoffen, dass es funktioniert, habe ich bereits in der Schulzeit versucht und bei mir hat das nie funktioniert. Und Kinder sind die meisten von uns ja nun nicht mehr.

EIN GEREGELTER TAGESABLAUF IST DIE BASIS DES MENSCHSEINS.

Die Stëmm hilft Menschen die NICHTS haben mit der Grundversorgung. Die Personen die hier arbeiten, erhalten Geld vom Staat und sind hier eingestellt worden, weil Sie auf dem freien Arbeitsmarkt wenig Chancen haben, aus den verschiedensten Gründen, auf die ich hier in diesem Artikel nicht näher eingehen möchte.

Es ist ein Rettungsanker für nicht ganz so leistungsfähige Menschen, und durch diese Arbeitsstelle hat dieser Personenkreis die Möglichkeit, ein an sich normales Leben zu führen. Die Stëmm hilft durch Taten und zwar direkt und ohne viel Gerede. Und dafür haben einige von denen, die hier einen guten Job machen, unser aller Respekt verdient. Von meiner Seite Respekt und vielen Dank.

Scheiss auf diejenigen unter uns, die sich Ihre eigenen Spielregeln gemacht haben, um das bestehende System skrupellos auszunutzen.

Wenn es nur ein(e) Einzige(r) ist dem geholfen wird, hat das Prinzip Nächstenliebe funktioniert, und das ist es, was zählt.

NACH DEM SPIEL KOMMEN KÖNIG UND BAUER WIEDER IN DIE SELBE KISTE.

*tomdasPoet*



# Luxemburg sehen und sterben





Noch nie war dieser Spruch von Johann Wolfgang von Goethe, den ich etwas umgewandelt habe (bei Goethe hieß es „Neapel sehen und sterben") wahrer als zu der jetzigen Zeit.
Wie das gemeint ist?
Tja, leider nicht positiv.
Warum leider?
Nun, ich bin Luxemburger, und als solcher sollte ich eigentlich stolz auf „meine" Hauptstadt sein.
Das war ich auch mal.
Als ich ein Kind war, war es für mich das größte, wenn meine Eltern sagten: "Wir fahren in die Stadt."
Auch als ich älter wurde, bin ich immer noch gerne in die Stadt gekommen.
Aber inzwischen nicht mehr.
Denn es ist keine Stadt mehr, sondern ein Hardcore-abenteuerspielplatz.
Und den stelle ich euch jetzt mal vor.
Früher hörte man die Vögel noch zwitschern, heute hört man sie husten.
Das Gleiche gilt übrigens auch für die Einwohner, die sich, dank der vielen Baustellen, nach einer gewissen Zeit, eine Staublunge eingefangen haben.
Sein Glas Wein auf der Terrasse trinken, empfiehlt sich auch nicht mehr.
Wein sollte zwar trocken sein, aber nicht so sehr, dass er zu stauben anfängt.
Und wer kennt nicht das Gefühl wenn man am Strand liegt, und der Sand knirscht zwischen den Zähnen.
Das hat man hier auch.
Allerdings ist es hier kein Sand, sondern Staub.
Und den Tinitus durch die unzähligen Maschinen gibt es gratis dazu.
Wem das nicht zusagt, der kann ja, als kleinen Nervenkitzel zwischendurch mal die Straße überqueren.
Bei dieser Attraktion empfiehlt es sich allerdings immer, eine Ersatzhose dabeizuhaben, da es durchaus passieren kann dass die Hose die ihr anhabt euch von einem farbenblinden Auto- oder Motorradfahrer vom Leib gerissen wird, der bei Rot über die Ampel brettert, während ihr mitten auf dem Zebrastreifen steht.
Die weniger Abenteuerlustigen können die Straße morgens zwischen 07.00 und 09.30 und abends zwischen 16.00 und 19.00 überqueren.
Das ist nämlich die Zeit, in der der gesamte Verkehr stillsteht.
Da könnt ihr euch sogar die Zigarette sparen.
Ihr braucht bloß die Abgase einzuatmen.
Das kostet nichts und der Effekt ist der Gleiche.
Für die ganz Hartgesottenen gibt es dann den Spaziergang durch den Park.
Allerdings erst nach Einbruch der Dunkelheit.
Dann hat jeder was davon.
Ihr den Nervenkitzel und jemand anderes eure Wertsachen.
Im schlimmsten Fall sogar euer Leben.
Ihr seht, ihr könnt also durchaus Luxemburg sehen und sterben.
Wenn ihr jetzt denkt, dass das übertrieben ist, muss ich euch sagen: Ich wünschte es wäre so.
Natürlich gab es auch früher schon Baustellen in Luxemburg.
Aber nicht auf jedem Schritt und Tritt.
Wenn man sich heute nur für einen Moment umdreht, liegt man schon der Länge nach in einem Loch, dass irgendwer ausgebuddelt hat und von dem man weiß, dass es vorher noch nicht da war.
Auch Verkehr gab es seinerzeit.
Aber nicht so viel und vor allem wurde nicht so rücksichtslos gefahren.
Sogar Kriminalität gab es, aber nicht in dem Ausmaß wie heute.
Es vergeht ja praktisch kein Tag an dem nicht jemand überfallen oder verprügelt wird.
Mitunter sogar am helllichten Tag.
Kein Tag vergeht, an dem man nicht mindestens dreimal eine Polizeisirene hört. Ein Geräusch, das man früher vielleicht einmal im Monat hörte.
Das ist nicht mehr die Stadt, die ich früher so gerne mochte.
Heute bin ich nur noch zum arbeiten hier und ansonsten versuche ich, die Stadt so gut wie möglich zu vermeiden.
Es gab und gibt bestimmt auch schöne Sachen in Luxemburg.
Aber da ich absolut nicht Abenteuerlustig bin, werde ich sie wohl niemals finden, hier auf diesem Hardcoreabenteuerspielplatz Luxembourg City.

*Patrick*

# Erratum

An der leschter Ausgab vun eiser Zeitung (Stëmm Hollerech) ass mir e Feeler ënnerlaf. Ech hunn aus Versinn den onverbesserten Text iwwert den Atelier vun der Redaktioun dragesat.
Ech wëll mech beim Christiane Ehlinger a Sonia Thewes dofir entschëllegen.

*Michel Hoffmann*




# Interview

## mam Här Bentner

### Responsabele vum Service Autobus vun der Stad Lëtzebuerg

**Wéini ass de Service Bus gegrënnt ginn?**

Dat mam Service Bus ass esou eng Saach. Do gëtt et eng laang Virgeschicht, an den ëffentlechen Transport geet zeréck bis an d'Joer 1875, wou et do nach net dee Service gouf. Do sinn déi éischt Päerdstrammen hei an der Stad a Betrib geholl ginn, an dat duerch eng Privatgesellschaft. Wéi dat sech dunn weider entwéckelt huet, ass et iergend eng Kéier vu privater Hand an déi ëffentlech iwwergaangen. Dat muss esou ëm 1906 gewiescht sinn. 1952 koum dunn d'Ëmstellung vum Tram op de Bus, an 1964 ass dunn dee leschten Tram gefuer an dat op der Linn 10.

**Wéi vill Busser hutt dir um Stater Territoire lafen?**

Am Ganzen hu mir 146 Busser. Déi fueren awer net alleguer, well mir mussen och eng kleng Reserv halen, fir Entretien ze maachen, oder mir hunn och leider emol en Accident. Ech géing soen, mir hunn der eng 120, mat de Schoulbusser, déi an de Spëtzenzäite fueren. Déi Busser si Standardbusser, dat heescht ouni Ziehharmonika, a mir hunn der e bëssi manner mat Ziehharmonika. Also dat heescht 146 Busser huet d'Stad Lëtzebuerg am Ganzen, fir de Service esou ze garantéieren, wéi mir dat maachen.

**Säit wéini a firwat sidd dir eng Cooperatioun mam private Sekteur agaangen?**

Firwat, dat ass eng Decisioun, déi ass laang viru menger Zäit geholl ginn. Wéini, dat muss esou an den 1980er Joere gewiescht sinn. Haut fuere mir och nach mat private Busser, an dat ass 1/3 vum Service, dee vu Private gefuer gëtt an 2/3 vun der Stad Lëtzebuerg, an deen 1/3 – 2/3 ass vun der Decisioun un, dass mat Private gefuer gëtt, bäigehale ginn. Déi Privat fueren awer an de Faarwe vun der Stad Lëtzebuerg, also do mierkt ee guer keen Ënnerscheed, ausser, dass si net déiselwecht Uniform unhu wéi d'Leit vun der Stad.

**War et wierklech néideg, de ganzen Hamilius ofzerappen?**

Dat ass jo net e Choix, dee mir getraff hunn. Et war eeben d'Iddi, op der Plaz, wou den Hamilius ass, eng ganz nei Struktur ze bauen, mat Geschäfter, Wunnraum, Büro etc.. Déi Decisioun ass onofhängeg vum Busbetrib geholl ginn. Mir hunn no där Decisioun musse kucken, wéi mir eis organiséieren.

**Säit dem 1. Juni ass deen neie Fuerplang. Wéi sinn d'Reaktiounen dorop?**

Den Hamilius ass ofgerappt ginn, an domader hu mir 8 Quaie verluer. Dat war natierlech net einfach, well virdru war et manner komplizéiert fir de Bus. Mee et geet jo net nëmmen ëm de Bus. Mir hunn du musse kucken, fir awer nach den ëffentlechen Transport ze garantéieren, wat, mengen ech, awer och relativ gutt geet, an dat mat dem Rescht vun der Plaz, déi elo nach bleift. Wat elo natierlech nach ass, ass, dass déi national Linnen net méi esou vill duerch d'Stad fueren. Déi aus dem Süden oder Osten bleiwen op der Gare stoen, an déi aus dem Westen halen op der Charly's Gare. Mat deene Busser, déi nach bleiwen, kënne mir awer nach um Hamilius funktionéieren. D'Reaktioune si wéi bei all Changementer. D'Leit hu Changementer net gären. Verschiddener komme besser ewech, anerer net esou gutt. Dann hu vläicht Leit eng Verbindung net méi, déi se virdrun haten a mussen elo eng Kéier ëmsteigen, wat dann net esou gutt ukomm ass. Leider kann een et bei esou grousse Changementer net jidderengem gerecht maachen. Mir hunn eebe gekuckt, dass eis Randgebitter nach funktionéieren, an dat war schwéier genuch.

**War et néideg, de ganze Plang vun de Busser op d'Kopp ze geheien?**

Leider jo. Wa mir 8 Quaien ewechgeholl kréien, da geet et net duer, just 2 Linnen unzepassen. Et ass och esou, dass mir net méi









wéi 60 Busser iwwert den Hamilius fuere kënne loossen, well et soss net mat der Quaianlag duergeet. Méi wéi 60 Busser an der Stonn packt dee Quai um Hamilius net. Mat där Limitt hu mir mussen kucken, fir eens ze ginn. Mir sinn eeben net derlaanscht komm, de Fuerplang esou staark unzepassen.

**1964 ass dee leschten Tram hei zu Lëtzebuerg gefuer an dat ënnert AVL. Elo gëtt erëm en neien Tram gebaut. Firwat war et net méiglech, deen an den AVL anzebannen?**

Den Tram huet seng Virdeeler. E fiert op enger Schinn, ka vill méi Leit transportéieren an en huet Prioritéit. Dat sinn natierlech Avantagen, déi en Tram huet. Den Tram gëtt jo prioritär behandelt, an dat wäert eng Attraktivitéit si fir déi Leit, déi den Tram wäerte benotzen. War et néideg, deen ze maachen? Bon, ech mengen, mueres um 8 a mëttes um 5-6 Auer gesäit een, wat lass ass. Déi Situatioune wäerte mir net méi mam Tram hunn. Firwat ass en net an den AVL integréiert ginn? Alles huet Avantagen an Desavantagen. D'Decisioun ass elo esou geholl ginn. Ech muss awer do och soen, dass mir an engem ganz enke Kontakt mat Lux-Tram stinn, fir et un d'Funktionéieren ze kréien. Et ass net, wéi wa mir guer kee Kontakt hätten. Et geet jo drëm, den ëffentlechen Transport fir de Client dobaussen ze garantéieren.




**Firwat ass aus AVL – Multiplicity ginn?**

Aus AVL ass net Multiplicity ginn. Multiplicity ass e Label oder eng "Marque" vun der Stad Lëtzebuerg. Also et ass net nëmmen AVL. AVL ass nach ëmmer AVL, just, dass de Logo vun der Stad Lëtzebuerg, also Multiplicity, op eis Busser iwwerholl ginn ass. Multiplicity ass dat, wat d'Stad Lëtzebuerg sech als Logo ginn huet, fir sech no baussen ze weisen. Et ass just, dass mir eng grouss Fläch hunn a méi visibel no bausse sinn, wéi all déi aner Servicer vun der Stad. Dat zitt sech duerch déi ganz Stad. Et ass fir déi Villsäitegkeet an der Stad, wéi Nationalitéit, Faarwen a.s.w., ze weisen.

**Wéi gesitt dir d'Zukunft vum Busservice hei an der Stad?**

Ech gesinn déi u sech ganz positiv. Ech mengen, d'Stad Lëtzebuerg wäert den ëffentlechen Transport bäibehalen, egal wat och soss nach kënnt. Ob den Tram kënnt, oder ob eng, zwou oder dräi Linne vum Tram kommen. Den Tram fiert jo och net iwwerall hin, da muss de Bus vun der Stad an déi Quartiere fueren, wou den Tram net hikënnt. De Busservice wäert et ëmmer nach ginn, esou dass ech d'Zukunft ganz positiv gesinn. De Service ass gutt organiséiert, d'Leit, denken ech, si ganz zefridden, d'Chauffere fillen sech wuel. Et ginn natierlech ëmmer Saachen, déi ee ka verbesseren, mee ech gesinn d'Zukunft als positiv, a mir wäerten nach ëmmer do sinn. Also et kënnt sécher nach eng Kéier zu enger neier Organisatioun vum Reseau, well wann den Tram bis fiert, hu mir jo erëm eng nei Situatioun, an da musse mir eis erëm adaptéieren. Ännerunge komme sécher nach, an déi wäerten et och ëmmer ginn. Also d'Stad Lëtzebuerg ännert sech, d'Ëmfeld ännert sech a.s.w.. Da musse mir eis och änneren, dat ass emol ganz kloer. Mir kënne jo net einfach stur bleiwen, wann sech de Rescht ännert. Et geet ëmmer weider, an esou wéi d'Stad sech entwéckelt, entwéckele mir eis mat. Well mir sinn en Deel vun der Entwécklung.

**Merci Här Bentner fir Är Zäit an Är Gedold.**

*Skippy*



# Die
## Adolphe-Brücke




Die Adolphe-Brücke, auch Neue Brücke genannt, wurde in den Jahren 1900 bis 1903 als Eisenbahn- und Straßenbrücke während der Herrschaft des Großherzogs Adolphe errichtet.

Den Beinamen «Nei Bréck» erhielt die Struktur, weil es zu dem Zeitpunkt bereits eine Brücke über dem Petrusstal gab: die «Al Bréck» (Passerelle), die schon 1861 für den Verkehr freigegeben worden war.

Am 24. Juli 1903 wurde der Pont Adolphe nach drei Jahren Bauzeit für den Verkehr freigegeben. Damals hielt die 153 Meter lange Brücke den Rekord als größte Steinbogenbrücke der Welt! Dieses Werk des französischen Ingenieurs Paul Séjourné wurde aus luxemburgischem Sandstein gebaut.

Der große Doppelbogen, mit einer Spannweite von 85 m, überquert das Petrusstal in einer Höhe von 42 m. Die Gesamtlänge der Brücke beträgt 153 m. Mit dem Bau der Adolphe-Brücke begann auch die Entwicklung des „Plateau Bourbon" mit seinen breiten Boulevards, großzügigen Stadtvillen und dem Bahnhofsviertel rund um den Hauptbahnhof.

Als die «Nei Bréck» im Jahr 1903 eröffnet wurde, fuhr zunächst der «Charly» darüber. Etwa dreißig Jahre später musste die Brücke auf die Bedürfnisse der elektrischen Tram angepasst werden, 1936 wurden die Geländer ersetzt.

In den Jahren 1961 und 1962 wurden erstmals aufwändige Arbeiten durchgeführt: Der Betonbelag wurde erneuert und die Brücke beidseitig um je 60 Zentimeter verbreitert.

1976 wurde die Fahrbahn instand gesetzt. Im Laufe der Jahre sind in der Struktur der Brücke Risse festgestellt worden. Um das schlimmste zu vermeiden, wurde die „Nei Bréck" im Jahr 2003 mit 258 Eisenstangen provisorisch fixiert und sieben Jahre später mussten diese Stangen aufgrund von neuen Rissen teilweise erneuert werden.

Nun wird der Pont Adolphe komplett renoviert und auf die Tram vorbereitet. Um die Struktur der Brücke zu stärken, werden insgesamt 1000 Eisenstangen mit einem Durchmesser von je 32 Millimetern eingesetzt. Außerdem wird der Belag der Brücke bis zu den Bögen zurückgebaut. Sämtliche Steine werden nummeriert und gereinigt. Ende des Jahres/Anfang 2016 werden die einzelnen Elemente wie ein Puzzle wieder zusammengebaut.

Nach Abschluss der Bauarbeiten (voraussichtlich Ende 2016/Anfang 2017) wird die Fahrbahnplatte beidseitig um jeweils 75 Zentimeter verbreitert. Auf einer Seite werden zwei Tramspuren über das Petrusstal führen, auf der anderen zwei Fahrspuren für den Individualverkehr. Zudem werden die beiden Wappen in der Mitte des Bogens erneuert.

Der riesige Verband mit der Inschrift „Guérir le Pont Adolphe", der die ganze Brücke zurzeit umhüllt dient als Schutz vor Baulärm, Staub, herabfallendem Gestein und dem Abwasser der Reinigungsarbeiten.

*eLKa*








# Catherine



Mäin Numm ass Catherine M., ech hunn 21 Joer a fänken am September mäi Studium fir Assistante sociale un.
Zanter dem 1. Juni maachen ech e Stage vun 2 Méint als Fräiwëllege bei der Stëmm vun der Strooss zu Hollerech a wollt iech e bëssi vu mengen Erfarungen erzielen.
Den éischten Dag hunn ech direkt ganz vill Clientë kennegeléiert. Et war d' «Journée du bien-être», wou vill Leit matgemaach hunn a vun der Offer fir eng Massage vun den Hänn, Féiss a Réck profitéiert hunn. Meng 1. «Aufgab» war et, d'Leit fir eng Foussmassage ze motivéieren, wat fir deen een oder aneren net esou evident war. Vill Leit hu sech ufanks net direkt getraut a waren e bëssi genéiert. Fir mech war et flott ze gesinn, wéi lues a lues ëmmer méi Leit matgemaach hunn an duerno och ganz frou an zefridde waren. Ech hunn et immens schéi fonnt, dass ech do aktiv mathëllefe konnt.
D'Stëmm vun der Strooss gëtt et zanter 1996. Si bitt de Clienten d'Méiglechkeet, hir Primärbedürfnisser z'erfëllen an sech och emol verwinnen ze loossen. Jidderee kritt den Dag fir 50 Cent e grousse Menu a gratis Zopp, Bréidercher a Waasser. Ech fannen dat immens wichteg, well menger Meenung no jiddereen d'Recht op Iessen an Drénken huet.
Wat awer net sou gutt war ass, datt mir de ganzen Iesssall hu missten eidelraumen, fir di 3 Massagestänn opzeriichten. Doduerch haten eis Clientë just dobausse Plaz fir ze sëtzen an z'iessen.
Do dernieft ginn et bei der Stëmm vun der Strooss nach eng Rei aner Servicer wéi z.B. d'Kleederstuff, eng Wäschkichen, Duschen oder en Dokter an och heiansdo e Coiffer. D'Clientë kënnen esou also och no hirer Gesondheet kucke loossen a proppert Gezei kréien.
Meng Haaptaarbecht war den Accueil vun de Leit, de Verkaf vu Bongen an d'Aschreiwen an déi verschidden Servicer.
Ech hat en immens flotte Stage a konnt an deenen 2 Méint vill léieren. Ech gouf gutt vu menger Equipe, dem William, Jill, Mich a Charlotte, encadréiert. All Woch hate mir eng Versammlung, wou iwwert de Verlaf vun der Woch geschwat gouf. Ech hu geléiert wéi wichteg et ass, eng professionell Distanz ze hunn, a virun allem hunn ech gesi wéi wichteg et ass, dass ee seng primär Bedürfnisser erfëlle kann, wat leider fir vill Leit an eiser Gesellschaft net selbstverständlech ass. Net jiddereen huet d'Méiglechkeet, sech ze wäschen an eppes z'iessen ze hunn. Hei hunn ech gesinn, wéi grouss d'Demande zu Lëtzebuerg ass, an och wéi vill Nationalitéiten et bei eis immens schwéier am Liewen hunn.
Eng flott Zesummenaarbecht hat ech mat engem Client aus dem Senegal, deen sech elo engagéiere wëllt, fir an sengem Heemechtsland de Kanner mat esou Servicer wéi mir se hei bei der Stëmm vun der Strooss ubidden, ze hëllefen. Also nach emol, d'Wichtegkeet vun dëser Institutioun ass ganz grouss.
Bei der Stëmm kréien d'Leit de Minimum, fir kënnen ze liewen, z'iwwerliewen, an si léieren, sech un e puer Reegelen ze halen, se gi weiderorientéiert bei Froen, si mussen sech un Normen a Valeuren halen an och ënnerteneen eens ginn. Et sinn der vill, déi reegelméisseg kommen an d'Stëmm och brauchen, well se e soziale Mëtteg verbrénge kënne mat puer Ausnamen, déi dann emol e bëssen niewent der Spur sinn. Et ass wichteg, natierlech ze sinn an hinne Respekt ze schenken. Ech konnt mat ville Clientë schwätzen, an et léiert een och seng Limitte kennen, ze reagéieren, wéi och ze agéieren.
D'Equipe zu Hollerech spillt och eng imens grouss Roll, firwat et sou gutt leeft. Si wësse mat all Situatioun ëmzegoen, an duerch hiert methodescht Handele léieren ech als Observateur de Moment bäi, wéi ee virgoe muss, konsequent muss sinn an och bleiwen. Si denken am Viraus, kennen Technike vun der Reflexioun duerch hir Formatiounen an Erfarungen. Sou hunn si mir vill mat op de Wee ginn, an ech hu meng eegen Erfarunge konnte man, meng Limitte kenneléieren a krut mäi Choix, am soziale Milieu wëllen ze schaffen nach eng Kéier bestätegt.
Ech si frou, datt ech hei zu Hollerech bei der Stëmm vun der Strooss e Stage maache konnt a soen iech alleguer e ganz grousse Merci fir déi wichteg Erfarungen, déi ech sammele konnt an déi vill flott, spannend an och emol traureg Momenter, déi ech mat iech zesummen erlieft hunn.

*Merci, Catherine M.*

## OPGEPASST
op falsch Kollekten a falsch «Mataarbechter»

## ATTENTION
aux fausses collectes au profit de la Stëmm vun der Strooss

D'Stëmm vun der Strooss deelt mat, datt si nach ni an och ni wäert Leit schécken, fir an hirem Numm Zeitungen ze verkafen oder einfach Suen opzehiewen.

Wann also ee bei iech doheem schellt a seet, hie wär e Mataarbechter vun der Stëmm vun der Strooss, gitt him w.e.g. keng Suen a sot der Police Bescheed.

L'association Stëmm vun der Strooss n'a jamais donné comme mission à ses bénéficiaires de faire du porte à porte en vue de collecter des fonds.

Si un jour une personne se présente chez vous pour vous demander de faire un don au profit de notre association, ne lui donnez rien et contactez immédiatement la police.

* * * * * * * * * * * * * * * * * * *

## DR STËMM CONSULTATIONS MÉDICALES GRATUITES

Consultations médicales gratuites une fois par semaine le mercredi après-midi dans les locaux de la Stëmm vun der Strooss, 7, Rue de la Fonderie, L-1531 Luxembourg. Renseignements supplèmentaires au numéro: 49 02 60

Gratis medizinische Behandlung jeden Mittwoch Nachmittag in den Räumlichkeiten der Stëmm vun der Strooss, 7, Rue de la Fonderie, L-1531 Luxemburg. Zusätzliche Auskünfte unter der Nummer: 49 02 60



# Agenda

## MARCHÉ AUX PUCES DE LA PLACE D `ARMES

| | |
|---|---|
| 01.08 – 15.08 – 22.08 – 29.08 – 05.09.2015 | **Brocante et antiquités**. Antiquitäten. Antiques. |
| 08.08.2015 - 24.09.2015 | **GARE ART FESTIVAL**, Verriére de la Gare, Luxembourg |
| 21.08.2015 - 09.09.2015 | **SCHOUBERFOUER** |
| 03.09.2015 | **MOMENTS MUSICAL SURPRISE** de 17.30 - 18.00 dans l'église |
| | St Alphonse 32 rue des Capucins |
| 05.09.2015 | **RALLY DE VILLE** „Discover Luxembourg" |
| | Départ à Partir de 13.00, Place Guillaume II |
| 06.09.2015 | **VIDE-GRENIERS PLACE GULLAUME** (2) |
| 06.09.2015 | **EXPOSITION D' ART „KONSCHT AM GRONN"** |
| | den 06.09.2015, Ruelles du Grund, vun 10 - 18 auer |
| 10.09.2015 | **MOMENT MUSICAL CLÔTURE**, de 17.30 - 18.00 dans l'église St Alphonse, 32 rue des Capucins |
| 03.10.2015 - 10.10.2015 | **CONCERTS DE MIDI**, de 12.00 - 14.00 op der Place d' Armes |
| Samstag 03.10.2015 | Concerts in der Rotondes **EXIT: LX NIGHT** ab 21.00 Uhr, Eintritt frei |
| Donnerstag 08.10.2015 | Expo: Rotondes **LOOP; CUBE& SPOT** ab 18.00 Uhr, Eintritt frei |
| Donnerstag 26.11.2015 | Expo: Rotondes **LOOP; CUBE& SPOT** ab 18.00 Uhr, Eintritt frei |
| Samstag 03.10.2015 | Marchés: Rotondes **DE LOKALE MAART** von 12.00 - 18.00 Uhr, Eintritt frei |
| Sonntag 04.10.2015 | Marchés: Rotondes **DE LOKALE MAART** von 12.00 - 18.00 Uhr, Eintritt frei |
| Sonntag 11.10.2015 | Marchés: Rotondes **FOIRE AUX DISQUES** von 10.00 - 18.00 Uhr, Eintritt frei |
| Sonntag 11.10.2015 | Marchés: Rotondes **EAT IT FOOD TRUCK FESTIVAL** ab 12.00 Uhr, Eintritt frei |
| Sonntag 25.10.2015 | Marchés: Rotondes **VIDE DRESSING SECOND-HAND** von 12.00 - 18.00 Uhr, Eintritt frei |
| Donnerstag 17.12.2015 | Marchés: Rotondes **TROC'N'BROL,** ab 18.00 Uhr, Eintritt frei. |

**Infos** unter **www.rotondes.lu** oder **Tel.:00352 26 62 20 07**

## AUSSTELLUNG

**Cité des Sciences** im ehemaligen **„Schwarze Masse" – Gebäude.**
*Die staatlichen Bauprojekte auf der Hochofenterrasse präsentiert eine Ausstellung des Fonds Belval im ehemaligen „Schwarze Masse"-Gebäude unterhalb des Hochofens A. schräg gegenüber der Rockhal. Ein beleuchtetes Modell sowie Multimediasäulen zeigen, und wie das künftige Universitätsareal aussehen soll. Gebäude „ Massenoire", gegenüber der Rockhal.*

**Öffnungszeiten:** Mittwoch – Freitag von 12.00 - 19.00 Uhr, Samstag von 14.00 - 18.00 Uhr, Sonntag von 14.00 - 18.00 Uhr.

**Infos** unter **fb@fonds-belval.lu** oder **Tel.:00352 26 840-1**

## BESICHTIGUNGEN

*Im Rahmen einer Wanderausstellung in Belval präsentiert die Entwicklungsgesellschaft (AGORA) die aktuelle und künftige Entwicklung von Belval. Ein Modell im Maßstab 1:1000 sowie viele großformatige Stellwände geben einen umfassenden Überblick über das neue Stadtviertel.*
**Öffnungszeiten:** Montag - Freitag von 10.00 - 20.00 Uhr, Samstag von 09.00 - 19.00 Uhr
**Infos** unter **info@agora.lu** oder **Tel.: 00352 26 53 44**

**S.E.O. SA Central de Vianden.**
*Das Pumpspeicherwerk der (SEO) in Vianden ist seit Jahrzenten einer der Hauptanziehungspunkte im Nordosten Luxemburgs. Die natürlichen Gegebenheiten des Ourtals haben den Bau eines Pumpsspeicherkraftwerks ermöglicht das überflüssige Energie speichern und fehlende Energie produzieren kann. Der Besucherstollen und die unterirdische Kaverne sind täglich zugänglich. Der Besucherstollen und die Kaverne sind von März bis September täglich geöffnet. Geführte Besichtigungen für Gruppen (min: 10 Personen) sind nur auf schriftliche Anfrage möglich.*
**Öffnungszeiten:** 10.00 - 16.00 Uhr
**Anfrageformulare** und **Infos** unter **www.seo.lu**. Oder **Tel.: 00352 28 27-1**

**Straßenbahn- und Busmuseum der Stadt Luxemburg.**
*Das „Trambahn-Museum" der Stadt Luxemburg liegt auf dem Gelände der öffentlichen Verkehrbetriebe in der (Rue de Bouillon) im Stadtteil Hollerich. Das „Trambahn-Museum" verfügt über 2 betriebsfähige Straßenbahntriebwagen, 2 Straßenbeahnbeiwagen, eine Pferdestraßenbahn als Nachbau in Originalgröße,zwei Autobusse, einen Fahrdrahtwartungswagen, 22 im Maßstab 1: 8 verkleinerte Modelle, ungefähr 8.000 Fotos und noch vieles mehr.*
**Öffnungszeiten:** Donnerstag von 13.30 - 17.30 Uhr. Samstag, Sonntags und an offiziellen Feiertagen von 10.00 - 18.00 Uhr geöffnet. Führungen sind auf Anfrage möglich. Geschlossen: 1 November, Wochenende vor Weihnachten bis 15. Januar.
Eintritt frei.
**Infos** unter **tramsmusee@vdl.lu**

**Patrimoine Industriel**
**DER BAHNHOF DES FOND-DE-GRAS**
*Der Bahnhof des Fond-de gras, dieser Güterbahnhof – erbaut im Jahre 1875 – hieß ursprünglich „Gare de Lamadelaine". Dieser Bahnhof de 2. Kategorie bestand aus 8 Zuggleisen der (PH Gesellschaft der Eisenbahn). Die Abfahrt des Train 1900 ist auf dem Bahnsteig hinter dem CFL Bahnhof in Pétange (Rue de Niederkorn). Die Fahrt von Pétange nach Fond-de-Gras dauert etwa 25 Minuten.*

**Die Grubenbahn « Minièresbunn » FOND-DE-GRAS**
*Die Grubenbahn «Minièresbunn» fährt zwischen Fond-de-Gras und Lasauvage. Die Vereinigung „Minièresbunn" besitzt eine eindrucksvolle Lokomotivsammlung ( Dampf-, Diesel – und Elektroloks), die während der Zeit des Eisenerzabbaus zum Transport der „ Buggys"(LOREN) aus dem Eisenerzstollen diente (Schmalspurbahn 700mm).*
**Öffnungszeiten und Betriebstage der Züge** kann man per E-Mail unter **info@fond-de-gras.lu** oder unter **Tel.: 00352 26 50 41 24** erfragen. Eintritt frei.

**Tierpark Esch-sur-Alzette (GAALGEBIERG)**
*Neben dem Campingplatz Gaalgebierg liegt die Escher Arche Noah, wo zahlreiche Rehe, Ziegen, Gänse, Fasanen, Hochlandrinder und viele weitere Tierarten zu betrachten sind. So erlaubt dieser Park seit 1962 den Eschern in der Nähe ihres Stadtzentrums, lebendige, meist einheimische Tiere in einer fast natürlichen Umgebung zu entdecken.*
**Öffnungszeiten:** täglich 7.00 - 18.00 Uhr, Dienstag von 14.00 - 16.00 Uhr werden Führungen angeboten für Kinder, Erwachsene, Gruppen, usw.
Eintritt frei.
**Infos** unter **www.esch.lu/tourisme/nature** oder **Tel.: 00352 54 73 83 375**.

**<MUSÉE EUROPÉEN - SCHENGEN>**
*Kernstück des Europamuseums Schengen ist eine interaktive Kartenanimation. Man erfährt hier prägnante Informationen zur Geschichte der Grenzen der einzelnen Schengen-Staaten, sowie andere EU-Staaten die dem Schengen-Raum noch nicht beigetreten sind.*
**Öffnungszeiten:** Montag - Sonntag und an Feiertagen von 10.00 - 18.00 Uhr.
Eintritt frei.
**Infos** unter **info@schengenasbl.lu** oder **Tel.: 00352 26 66 58 10**

**<MUSÉE VILLA VAUBAN>**
**Öffnungszeiten:** jeden Freitag von 18.00 - 21.00 Uhr.
Eintritt frei.
Mehr **Infos** unter **www.villavauban lu**. oder **Tel.: 00352 47 96 45 00**

**<MUSÉE> CASINO LUXEMBOURG – FORUM D'ART>**
Eintritt frei jeden Donnerstag von 18.00 - 20.00 Uhr.
Mehr **Infos** unter: **www.casino.lu** oder **Tel.: 00352 22 50 45**



# Interview
## mat der Madame Fandel
### vum Service Parc








**Aus wat besteet de Service Parc genau?**
Mir hunn aktuell eng 180 Leit am Service schaffen. Dovun ass de Gros eng gutt 100 Leit, déi dobaussen an Equippe schaffen. An all Quartier ass eng Equipe vu 5 Leit, déi och hir Plaz am Quartier huet, wou si e Mannschaftslokal hunn an eng Plaz, fir hir Maschinnen ze stellen, an si fänken och all Moien do u mat schaffen. Si hunn hir Saachen do, hire Programm, an da gëtt do op de ganze Gréngflächen den Entretien gemaach. Dat si Parken, awer och Klengegkeete wéi Beem, déi bei der Strooss stinn. Dat variéiert vu Quartier zu Quartier. Am Zentrum ass et da méi intensiv, besonnesch mat Blummebeeter. Méi ausserhalb vun der Stad si Quartieren, wou da méi graff Aarbechten ufalen, wéi Hecke schneiden an sou weider. Dann, fir déi Leit ze ënnerstëtzen, hu mer hei an der grousser Hal ënner anerem Atelieren, wou si hir Maschinne geflécкt kréien. Et ginn awer och nei Maschinne bestallt, awer och kleng Gefierer wéi Méitrakteren, wou se kënnen drop sëtzen. Alles dat flécke mir selwer heibannen. Dann hu mer nach eng kleng Schlässerei, wou dann emol Clôturen, Bänkesupporten an all déi Saache gemaach ginn. Eng Ustäicherei, wou da Saachen erageholl ginn, wéi z.B. Bänken, déi ofgemaach musse ginn, well Graffiti drop ass. Dann hu mir awer och nach eng Spillplazenequipe. An der Stad ginn et eng 200 Spillplazen. Déi gi vun eis hei geplangt an och ënnerhalen, an dann hu mer elo nei hei eis grouss Zäre kritt. Do zille mir dann eis ganz Planzen, déi mir dann dobaussen an de Parke brauchen. Mir maachen awer och nach ganz vill Decoratioun mat Schnëttblumme fir an de Büroen. Dat ass eppes, wat de Public elo net esou gesäit, ausser vläicht fir Nationalfeierdag, wann dann do virun der Gemeng gerëscht gëtt. An de Büroen hunn d'Leit dann och Zëmmerplanzen oder si kréie Schnëttblummen. Dat gëtt och alles bei eis hei bestallt, preparéiert an dann an déi aner Servicer geliwwert.

